ALEEDEND WIEDER ... 3
I. Dat aktuellt makroekonomescht Ëmfeld ... 6
II. D'Eckdaten vum Budget 2023 ... 12
1. Déi grouss Aggregater laut SEC 2010 ... 12
2. De Budget laut dem Comptabilitéits-Gesetz ... 15
3. Staatsschold ... 16
III. D'Schwéierpunkten vum Budget 2023 ... 18
1. Eng responsabel Steierpolitik. ... 18
3. Eng koherent Logementspolitik ... 31
4. Eng nohalteg Investitiounspolitik ... 33
4.1. Schwéierpunkt Energie-Transitioun ... 35
4.2. Digitalisatioun acceleréieren ... 37
5. Eng kompetitiv Standuertpolitik ... 38
6. Zukunft duerch Diversifikatioun ... 39
7. Eng stark Défense ... 41
8. Solidaritéit mam Ausland ... 42
9. Kuerzen Résumé vun den Dépensen ... 43
IV . Conclusioun ... 44

**Budgetsried – Budget 2023**

**Yuriko Backes 12.10.2022**

**"Realistesch, solidaresch, responsabel:**

**Ee Krisebudget fir Krisenzäiten”**

***Seul le texte prononcé fait foi***

ALEEDEND WIEDER

Här President,

Honorabel Deputéiert,

Léif Regierungskolleeginnen a -kolleegen,

Dir Dammen an Dir Hären,

Ech presentéieren iech haut, am Numm vun der Regierung, ee Krisebudget fir Krisenzäiten.

De russesche President féiert net just een **brutale Krich géingt d'Ukrain**, mä ee Wirtschaftskrich géingt de Rescht vun Europa. Och Lëtzebuerg ass heivunner direkt betraff.

**Genee wéi vum Klimawandel**, dee mat Stierm, Iwwerschwemmungen an extremen Drëcheperioden definitiv an eisem Alldag ukomm ass.

**Op ville Plazen an der Welt ramouert et** : am Iran gi Fraen a Meedercher brutal ënnerdréckt, am Pazifik wéi och an Afrika ginn et Spannungen.

An de Covid begleet eis nach ëmmer.

Mir hunn et also net just mat *enger* Kris ze dinn, mä mat enger ganzer Rei Krisen, déi anenee gräifen. D'Welt stécht matzen an enger **Permakris**.

**Déi wirtschaftlech Onsécherheeten si grouss.**

Bis elo hu mer et fäerdeg bruecht, als Land an als Gesellschaft, relativ gutt duerch de Stuerm ze kommen.

Well d'Regierung hir Verantwortung iwwerholl huet. Well de Lëtzebuerger Modell fonctionéiert. Well mer a schwéieren Zäiten zesummen halen. Well mer iwwer déi lescht Joren eng responsabel Finanzpolitik gemaach hunn.

Dofir war et méiglech, eleng dëst Joer, am Kader vum Energiedësch a vun **zwou Tripartitten**, iwwer 2,5 Milliarden Euro ze mobiliséieren.

Dat sinn 2,5 Milliarden, déi a kengem Budget virgesi waren.

Dat sinn 2,5 Milliarden, déi bei déi 3 Milliarden dobäi kommen, déi d'Regierung an der Pandemie bereet gestalt huet, an déi och a kengem Budget virgesi waren.

An awer hunn mer eise Sozialsystem weider ausgebaut.

An awer hu mer weider an eis Infrastrukturen investéiert.

**Mam Budget 23 wäerte mer déi Politik konsequent weiderféieren**. Mir finanzéieren déi Mesuren, déi néideg sinn, fir d'Inflatioun ze bremsen, fir de Leit an den Entreprisen ze hëllefen. A mir investéiere weider massiv dass Lëtzebuerg **gestäerkt aus der Kris erauskënnt**.

Haut ka keen eng definitiv Prognose maachen op d'Eurozon d'nächst Joer an eng Rezessioun rutscht. Op d'Mesuren, déi op nationalem an europäeschem Niveau geholl goufen, fir d'Inflatioun an de Grëff ze kréien, sou gräifen, wéi mir eis dat virstellen.

Als Finanzministesch ass et meng **Verantwortung** dofir ze suergen, dass mir och an Zukunft **déi néideg Moyenen hunn**, wann d'Situatioun sech weider verschlechtere géif.

Et ass also wichteg, dass de Staat zu all Moment genuch finanzielle Spillraum huet, fir senge Responsabilitéiten a Krisenzäiten nozekommen.

Mat dësem Budget ignoréie mer d'Risiken net, mir kucken hinnen an d'Aen. A mir gesinn se als Chance. Als Chance, d'Land ze moderniséieren, a besser opzestellen.

D'Covid-Kris huet eis erlaabt, Quantespréng an der Digitalisatioun an dem Teletravail ze maachen. An dës Kris ass eng Chance, d'Energietransitioun méi séier ëmzesetzen, wéi een et nach viru kuerzem fir méiglech gehalen hätt.

Wat sinn Stand haut, déi wirtschaftlech Aussiichten?

## I. Dat aktuellt makroekonomescht Ëmfeld

An der Eurozon ass d’Ekonomie d’lescht Joer 5,3% gewuess. Fir dëst Joer geet de Statec vu just nach 2,7% Croissance aus.

Déi amerikanesch Wirtschaft leeft méi lues, an déi restriktiv chineesesch COVID-Politik huet och Konsequenzen op d’Weltwirtschaft. Déi europäesch Ekonomie ass geschwächt duerch déi héich Energiepräisser, an de Réckgang vun der weltwäiter Demande. D'Konsumente si wéinst den héije Präisser veronséchert.

D'Inflatioun läit op engem historesch héijen Niveau vun 10% elo am September an der Eurozon. Sou eng Situatioun hunn mer säit de 70er Joren net méi gesinn.

D'Grënn si bekannt : de Krich an der Ukrain, d'Rupture vun de Liwwerketten, an den héijen Dollar.

D'Zentralbanke reagéiere mat enger méi restriktiver Geldpolitik. Dat bréngt mat sech, dass d'Tauxen erop an d'Prête méi deier ginn.

Lëtzebuerg ass eng kleng an oppen Ekonomie, mat enger internationaler Finanzplaz. D'Entwécklung am Ausland huet direkt Auswierkungen op dat, wat bei eis geschitt. Och op der Finanzplaz mierkt een, dass et méi lues leeft.

2021 war heiheem vun enger staarker Reprise gepräägt: de PIB ass ëm méi wéi 5% geklommen.


Fir d'Joer 2022 gesäit de Statec eng däitlech Verschlechterung, op just nach 2,5%. De Statec geet elo schonn dovun aus, dass dës Zuelen no ënne revidéiert ginn. A sengen neisten Zuelen, huet de FMI gëschter d'Croissance fir Lëtzebuerg op nëmmen nach 1,6% ageschat fir dëst Joer.

Wat d'Inflatioun ugeet, huet de Statec seng Prognose fir dëst Joer vu 5,2% op 6,2% gehuewen.

*Wat heescht dat fir d'Budgetsjoer 2023 ?*

Sou wéi déi europäesch Reegelen dat virgesinn, baséiert de Budget ëmmer op deene leschte Previsiounen, déi de Statec an aller Onofhängegkeet opgestallt huet.

Sou wéi scho fir 2022, huet de Statec och fir 2023 seng Zuelen no ënne revidéiert, vu 4% op elo nach just 2% Wuesstem.




Ganz allgemeng géif d'Ekonomie u Schwong verléiere par Rapport zur Relance, déi mer no der Covid-Kris haten. Entspriechend géif och d'Dynamik um Arbechtsmaart erofgoen, mat engem Wuestum vun just nach 2%, géint 3,5% dest Joer.

De Statec weist och op de Risiko hinn, dass d'Situatioun sech international nach weider verschlechteren kéint, mam Resultat, dass Lëtzebuerg an Europa 2023 kéinten an eng Rezessioun faalen, verbonne mat enger Hausse vum Chômage.

Ee Liichtbléck gëtt et um Niveau vun der Inflatioun: Duerch d'Mesuren vun der Tripartite wäert déi 2023 **nach just** bei 2,8% leien, 4 Prozent-Punkten ennert deem Niveau, vun deem de Statec virdrun ausgaang ass. Déi Zuele sinn natierlech net a Stee gemeesselt.

Keen Mensch kann haut soen, wéi héich d'Energiepräisser an 1-2 Joer wäerten sinn. An et ass natierlech och ze fréi, fir ze wëssen, wéi eng weider Mesuren eventuell nach néideg ginn, fir op déi entspriechend Entwécklungen ze reagéieren.


Sou, wéi dat ëmmer gemach gëtt, hunn de Finanzministère an d'IGF fir d'Projektiounen vum Budget pluriannuel, eng virsiichteg Approche zréckbehal. Si hunn sech dofir op deen Szenario vum Statec baséiert, an deem sech d'Recette vum Staat manner dynamesch entwéckelen.

Wann een d'Risike gesäit, op déi de Statec hiweist, da schéngt dat mer déi eenzeg richteg Approche ze sinn.

Sou, wéi dat ëmmer gemaach gëtt, hunn de Finanzministère an d'IGF fir d'Projektioune vum Budget pluriannuell, eng virsiichteg Approche zréckbehalen. Si hunn sech dofir op deen Zenario vum Statec baséiert, an deem sech d'Recette vum Staat manner dynamesch entwéckelen.

Wann een d'Risike gesäit, op déi de Statec hiweist, da schéngt dat mer déi eenzeg richteg Approche ze sinn.

Wat sinn dann elo **d'Recette**, mat deene mer fir 2023 rechnen ?



Déi gréisste Recettë fir 2023 sinn, wéi gewinnt, **d'direkt Steieren.** 2023 ginn déi op ronn 11,8 Milliarden Euro geschat, also 48% vun all de Recettë vum Zentralstaat.

Duerno kommen **d'indirekt Steieren**, mat 9,3 Milliarden Euro, déi 38% vum gesamte Montant entspriechen.

Hei muss ech awer och bemierken, dass d'Accisen um Petrole manner gutt lafen, an d'Recettë bei der Taxe d'abonnement zeréckginn. Dat ass och deem entspriechend budgetiséiert.
All déi aner Recetten zesumme wéi z.B. Loyeren an Dividendë maachen 14%.


## II. D'Eckdaten vum Budget 2023

Ech soen iech riicht eraus: **Dat hei ass ee Krisebudget**, an dat spigelt sech och an den Zuelen erëm.

### 1. Déi grouss Aggregater laut SEC 2010

Den Defizit am Zentralstaat wäert 2023 bei 2,8 Milliarden Euro leien.

Loosst mech ganz kloer sinn: baussent enger Krise ass sou ee Montant fir ee Land wéi Lëtzebuerg net ze vertrieden. Mä an enger Kris, ass en net ze evitéieren.




2020, am Joer vun der Pandemie, hate mer souguer nach méi Defizit: 3 Milliarden. D'Joer drop war den Defizit schonn erëm ënnert enger hallwer Milliard. Am Pluriannuell gesi mer eng änlech Verbesserung.

D'Situatioun bei de Gemenge bleift stabel, mat engem liichten Iwwerschoss, deen 2023 bei 35 Millioune läit, an da bis op 58 Milliounen am Joer 2026 eropgeet.

Well den Aarbechtsmaart sech weider relativ gutt entwéckelt, bleift d'*Sécurité sociale* iwwer déi ganz Period am Iwwerschoss.

Den Trend weist awer och, dass dësen Iwwerschoss progressiv erofgeet, vu bal enger Milliard 2023 op 679 Milliounen 2026. Dat ass keng Iwwerraschung, mä stoung schonn am leschten *Bilan Technique* vun der IGSS zum Pensiounssystem.

Am Gesamtstaat, deen den Total vum Zentralstaat, de Gemengen an der Sécurité sociale duerstellt, hu mer d'nächst Joer dann ënnert dem Stréch en Defizit vun 1,8 Milliarden.




Och hei wäert sech de Solden d'Joren duerno progressiv verbesseren.

De Stabilitéitspakt bleift fir d’Joer 2023 ausser Kraaft. Dofir spillt den *objectif budgétaire à moyen terme* (OMT) och d’nächst Joer net.

## 2. De Budget laut dem Comptabilitéits-Gesetz

Well d'Gesetz et sou virgesäit, ginn ech iech och nach emol d'Zuelen no der **Lëtzebuerger Comptabilitéit**.

Fir 2023 leien d'Recettë bei 21,5 Milliarden Euro, dat si plus 10,2% méi wéi dëst Joer.

Bei den Depense sinn et 24,2 Milliarden Euro, also plus 15,7% méi wéi dëst Joer.

Zesummegeholl wäert den Defizit am Staatsbudget, laut de Reegele vum 99er Comptabilitéits-Gesetz, bei knapp 2,6 Milliarden Euro leien.

No der europäescher Norm läit den Defizit beim Zentralstaat, wéi just gesot, bei 2,8 Milliarden Euro.

## 3. Staatsschold

Den héijen Defizit laut de Reegele SEC spigelt sech an der Staatsschold erëm.




Duerch déi vill ageplangten Depensen, déi am Kader vun der Pandemie an där aktueller Kris néideg waren, geet d'Schold iwwer déi nächst Joren erop: vun haut 24,6% vum PIB op 26,3% am Joer 2023 an 29,5% am Joer 2026.

Domadder wäert **d'Schold zu all Moment ënnert 30%** leien. Net just bis 2023, mä iwwer déi ganz Period vum Pluriannuell.

Wann een déi Montanten erausrechent, déi fir d'Krisemesure gebraucht gi sinn, da géif den Taux just bei 17,6% haut, respektiv 23,5% am Joer 2026 leien.

Déi **méi héich Zënsen** treffen net nëmmen d'Privatleit an d'Entreprisen, mä och den Staat. D'Zäiten an deene Lëtzebuerg konnt fir näischt léine goen, sinn definitiv eriwwer.

D'Zënslaascht läit haut bei 130 Milliounen d'Joer. Wann d'Schold effektiv 2026 esou wäit géif eropgoen, da klëmmt d'Zënslaascht op iwwer 400 Milliounen.

All Joer 400 Milliounen, dat si ganz vill Suen!

Leit déi der Meenung sinn, Lëtzebuerg kéint sech roueg eng Staatsschold iwwer 30% vum PIB erlaben, géifen also a Kaf huelen, dass nach méi ee groussen Deel vun eisem Budget all Joer eleng fir Zënse géifen dropgoen.

Ech hätt léiwer, dass déi Sue fir sënnvoll Investitioune gebraucht ginn.

## III. D'Schwéierpunkten vum Budget 2023

### 1. Eng responsabel Steierpolitik.

An de leschten Wochen hunn sech eng Rei Stëmme gemellt, déi mat Verweis op de Regierungsprogramm eng grouss Steierreform fuerderen.

Bleiwe mer bei de Fakten: dat, wat am Regierungsprogramm virgesinn ass, ass eng **Individualiséierung** vun eisem Steiersystem.

D'Steierverwaltung huet dat ausgerechent. Wann ee jiddereen an d'Steierklass 2 setze géif, kascht dat de Staat, d.h. d'Allgemengheet, bal 2 Milliarden Euro. All Joer. All Joer 2 Milliarde méi Defizit. All Joer 2 Milliarde méi Scholden.

Ëmgedréit kéint een och all Mënsch an d'Steierklass 1 setzen. Dat wäre fir de Staat zwar zousätzlech Recettë vun 1,35 Milliarden, mä géif fir déi meescht Leit eng kräfteg Steiererhéijung mat sech bréngen. Well dat awer net den Zweck vun der Saach ass, missten déi da rëm kompenséiert ginn.

Fir dass een net um Schluss do steet, wou een ugefaangen huet, kann een sou eng Individualiséierung also nëmme maachen, wann een den néidege Sputt huet, fir eng nei Steierklass fir jiddereen, an zousätzlech Steiererliichterungen.

**Déi Steierreform ass awer net annuléiert. Si ass reportéiert**. Well de Staat an der Pandemie, an elo mam Energiedësch a mat deenen zwee Solidaritéitspäck, zesummen iwwer 5,5 Milliarden Euro an d'Hand geholl huet, fir de Leit an den Entreprisen ze hëllefen. Dat si 5,5 Milliarden Euro, mat deenen een eng Reform hätt kënne maachen. An der aktueller Situatioun, ass dee Sputt lo net méi do.

Dobäi kënnt, dass souwuel d’Europäesch Kommissioun, d’OCDE, wéi och den FMI soen, dass elo d’Prioritéit ass, virun allem Mesuren ze huelen, déi d'Inflatioun bremsen, a gezielt deene Leit ze hëllefen, déi et am meeschte brauchen.

Ech ka mech nëmmen wonneren, wann ech eenzeler héieren, déi an engem Otemzuch soen, si hätten - wann si an der Responsabilitéit gewiescht wären - **gläichzäiteg** d'Steiertabell un d'Inflatioun ugepasst, Abattementer a Steierkreditter eropgesat, een Tankrabatt weidergefouert, d’Schold reduzéiert, Reserven ugeluecht, an, natierlech weider investéiert...

**Realitéite kann een ignoréieren, et kann een se awer net ewechdiskutéierten.**

Déi lescht grouss Upassung vun der Steiertabell war 2017.

A kengem vun deene Joren tëscht 2017 an haut, konnt de Staat een Iwwerschoss verzeechnen. All Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun wär also mat neie Scholde finanzéiert ginn. An all Upassung haut, géif den Defizit an d'Staatsschold em 600 Milliounen eropsetzen. Pro Joer.

Kéint een net einfach higoen, a neie Sputt schafen ?

**Dräi Méiglechkeeten.**

**Éischtens**: Zolidd Spueren. Wann een dat proposéiert, da soll een och direkt soen, wou. D'Fonctionnementskäschte vun der ëffentlecher Hand maachen zu Lëtzebuerg just 4,5% vum PIB aus. Den Duerschnëtt an der Eurozon läit bei 6,0% vum PIB. Wou solle mer da soss spueren ? Bei de Sozialleeschtungen ? Bei de Kanner ? Bei den Investissementer ? Sécher net. **Austeritéit kann net d'Äntwert sinn**.

Eenzeler heibanne probéieren ze erklären, dass d'Leit d'Hëllefen aus dem Solidaritéitspak selwer bezuelt hätte mat hire Steiergelder. Dat ass richteg. A wéi sollt et dann anescht sinn?

Bal all Euro, deen de Staat ausgëtt, hunn d'Steierzueler "selwer" bezuelt.

Et stëmmt : D'Steiertabell ass säit 2017 net méi ugepasst ginn. Mä d'Steiertabell ass och virdrun net all Joer ugepasst ginn. Firwat ? Well eng viregt Regierung dee Mechanismus am Joer 2012 ofgeschaaft hat.

Säit 2020 huet de Staat all Su gebraucht, fir de Leit an der Ekonomie duerch déi successiv Krisen ze hëllefen. Wär dat wierklech de Moment gewiescht fir op Steierrecetten ze verzichten ?

**Zweet Méiglechkeet**. Steiere fir jiddereen erofsetzen, ausser fir déi, déi uewen op der sozialer Leeder stinn. Och dat huet d'Steierverwaltung ausgerechent, an déi Rechnung geet net op.

An enger rezenter *Question parlementaire* gouf gefrot, wat et de Staat kaschte géif, wann een d'Steieren ënner ronn 46.000 EUR Akommes pro Joer géif erofsetzen, dofir awer iwwer deem Seuil kräfteg erhéijen. Resultat : een zousätzlechen Defizit, also zousätzlech Scholden, vun enger Milliard Euro d'Joer.

An natierlech gëtt et och d'Iddi, d'Entreprisen an d'Kapital nach méi ze besteieren. Lëtzebuerg huet an de leschte Joren all europäesch an international Initiativen an deem Beräich ënnerstëtzt. Mir hunn eis lo rezent nach fir eng Iwwergewënnsteier vun den Energiefirmen an Europa agesat. Déi Mesure wäert kommen.

Mä et muss een awer och op **d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie** an eiser Finanzplaz kucken. Lëtzebuerg ass keng Insel, a kann an dësem Beräich ni eleng agéieren, soss huelen anerer eis de Bifdeck vum Teller.

**Dat wier keng responsabel Politik**, an och net am Interessi vum Land.

Well nëmme kompetitiv Entreprisen, wéi och eng staark Finanzplaz, generéieren déi néideg Recettë fir onsen **Sozialsystem** ze finanzéieren.

**Drëtt Méiglechkeet.** Méi Sputt duerch méi Defizit an Dette. Grad a Krisenzäiten, ass et berechtegt méi auszeginn, wéi een erakritt.

Virausgesat, et benotzt een déi Sue fir temporär a cibléiert Hëllefsmesüren, a fir Investissementer, déi d'Croissance ënnerstëtzen.

Verschiddener hunn drop higewisen, dass och 2017 Steiererliichterunge gemaach goufen, zu engem Moment wou de Staat, genee wéi haut, een Defizit geschriwwen huet. D'Situatioun vun 2017 ass allerdéngs net mat där vun haut ze vergläichen.

Deemools hate mer een Iwwerschoss am Gesamtstaat. Haut ass dat net de Fall.

Deemools hate mer d'Perspektiv, kuerzfristeg rëm schwaarz Zuelen am Zentralstaat ze schreiwen. Och dat ass haut net de Fall.

Deemools huet d'Schold sech ronderëm 23% vum PIB stabiliséiert. Haut leeft se a Richtung 30%.

D'Rating-Agencë verfollegen déi Entwécklung genee. 2012 huet eisen AAA gewackelt. D'Staatsschold louch deemools ënner 25%. D'Agencen

hunn d'Trajectoire gekuckt, an de Risiko gesinn, dass d'Situatioun aus dem Rudder lafe kéint.

Wa mer haut eng massiv Steiererliichterung op de Wee brénge géifen, géife mer d'Vertrauen, dat d'Mäert an d'Stabilitéit vun de Lëtzebuerger Finanzen hunn, op d'Spill setzen. Eis Finanzplaz, déi ee groussen Deel vun eise Steierrecettë bezilt, géif wackelen.

Wann een Zweiwel dorunner huet, wéi séier et goe kann, brauch ee just ze kucken, wat virun e puer Wochen an England geschitt ass. D'Regierung vun der Premierministesch Truss huet eng grouss Steierreform mat massive Steiererliichterungen annoncéiert. Kuerz drop hunn 2 Ratingsagencen d'Perspektiv fir Groussbritannien vu stabel op negativ erofgesat, leschte Freiden ass nach eng drëtt Agence dobäikomm. Et ass och déi éischte Kéier säit 50 Joer, dass den FMI deem Land eng Warnung erausginn huet, dass déi Reform net ze finanzéiere wär. Iwwer Nuecht stoungen d'Marchéë virum Kollaps. Déi englesch Zentralbank huet missen asprangen. D'Vertrauen ass fort. Sou séier kann dat goen!

Ech soen iech, am Interessi vum Land : dee Risiko hëlt d'Regierung net. Dee Risiko huelen ech net! **Mat mir gëtt et kee finanzpoliteschen Harakiri!**

Verantwortung huelen, heescht och eng *marge de manoeuvre* behalen, fir wann d'Kris sech verschlëmmere géif. Wann Enn 2023 eng drëtt Index-Tranche fale géif, fir déi de Staat dann d'Entreprise kompenséiert. Sou wéi et am Tripartite-Accord steet, och fir Aarbechtsplazen ofzesécheren. Wann Ufank 2024 verschidde Mesuren aus der Tripartite nach misste verlängert ginn.

Ech wëll de Leit kee Sand an d'Ae streeën. Ech well eng responsabel Politik maachen.

Dofir huelen ech e kloert Engagement : d'Regierung wäert d'Entwécklung vun de Staatsfinanzen a vun der Weltwirtschaft natierlech genee suivéieren. Wann een an e puer Méint gesäit, dass d'Situatioun et erëm zouléisst, an d'Perspektive strukturell besser si wéi erwaart, dann wäerten zousätzlech Steiererliichterunge kommen.

Ech denken z.B. fir d'Menagen un. Eng sozial gestaffelt Baisse vun der Steierlaascht. Incitatif'en fir Privat-Investissementer an innovativ Entreprisen an Start-Ups.

Fir d'Entreprisen denken ech un gezielt Mesurë fir d'Kompetitivitéit ze stäerken.

Mä och schonn an dësem Budget si **punktuell Erliichterunge** virgesinn.

Sou wéi ech dat am Kader vum Steierdébat de 14. Juli hei an der Chamber versprach hunn, gëtt de *Crédit d'Impôt Monoparental* substantiell reforméiert.

Dëse Steierkredit - eigentlech misst ee soen : dëse *Steierbonus fir Elengerzéier* - läit haut bei 1.500 Euro pro Joer fir en Akommes bis 35.000 Euro d'Joer. An Zukunft wäert en bei 2.505 Euro fir en Akommes bis 60.000 Euro d'Joer leien, an da progressiv erofgoen. Dat sinn 1.000 Euro max. méi pro Joer.

Donieft gëtt de Maximum vun den Allocatioune fir Kanner, déi net am Stot vum Steierzueler liewen, ëm 10% eropgesat.

Dat hei ass also eng konkret a cibléiert Verbesserung fir elengerzéiend Elteren an hir Kanner.

An der Tripartite gouf eng Erhéijung vum Mindestloun op den 1. Januar decidéiert. Am selwechte Sënn gëtt de Montant vum Salaire, bis deen een de *Crédit d'impôt Salaire social minimum* kritt, no uewen ugepasst.

**Dat ass ee Plus u Kafkraaft fir déi Leit, déi et am meeschten brauchen.**

Mat dësem Budgetsgesetz brénge mer dann nach eng aner Mesure op de Wee, déi alle Leit an allen Entreprisen ze gutt kënnt, déi eng Steiererklärung maachen : vun 2023 un brauch een déi net méi op den 31. Mäerz, respektiv den 31. Mee eranzereechen, mä réischt op den 31.

Dezember. Dës Reegel gëllt also fir d'Steiererklärung vum Joer 2022 un. Sou kréien d'Leit méi Zäit, fir hir Erklärung a Rou an ouni Stress ze maachen. Déi Leit an Entreprisen, déi hir Erklärung awer wëllen méi fréi maachen, zum Beispill fir ee Remboursement ze kréien, kënnen dat selbstverständlech schonn am Laf vum Joer maachen.

Net an all Fall sinn d'Steieren dee beschten Outil fir d'sozial Gerechtegkeet an den Zesummenhalt an eiser Gesellschaft ze stäerken. De Staatsbudget ass eng grouss Maschinn fir sozial Ëmverdeelung ze maachen.

**An et ass grad am soziale Beräich**, wou de Budget 2023 wichteg Accente setzt.

Dat ass mäin zweete Punkt.

## 2. Eng ambitiéis Sozialpolitik

Lëtzebuerg ass dat Land an der EU mat deem héchste Liewensstandard, mat deenen héchste Léin.

An awer ginn et, grad elo an der Kris, vill Leit déi Problemer hunn d'Enner beieneen ze kréien. Dofir ass et wichteg, dass mer eise Sozialstaat weider ausbauen. Fir dass eis Gesellschaft och weider zesummenhält.

**Deen éischte Pilier vun all Sozialpolitik** ass eng gesond Ekonomie. Mir brauchen Entreprisen, déi Aarbechtsplaze schafen, an hir Mataarbechter uerdentlech bezuelen.

Dofir war et richteg, an der Pandemie, an och elo, massiv Hëllefen op de Wee ze bréngen, fir eis Ekonomie ze stäipen. Déi Mesure wierken. D’Zuel vun de Faillitten ass net explodéiert. Eisen Aarbechtsmaart wiisst. De Chômage ass sou niddereg wéi scho laang net méi. Iwwerall siche Firmen - an och de Staat - nei Mataarbechter.

**Deen zweete Pilier** ass eng gutt Schoul, déi alle Kanner déi selwecht Chance bitt, an si optimal op d'Beruffsliewe virbereet.

Dem Educatiounsministère säi Budget geet 2023 em 10% op ronn 3,5 Milliarden Euro erop.

Den Encadrement vun de Kanner ass vun dëser Rentrée un, weider verbessert ginn, onofhängeg vum Revenu vun den Elteren. D'Maison-Relaise gi wärend de Schoulwoche gratis fir schoulflichteg Kanner ab 4 Joer. D'Iessen gëtt fir all schoulflichteg Kanner gratis wärend de Perioden, wou Schoul ass. D'Museks-Coursë gi gratis gemaach.

Dëst sinn iwwregens och Mesuren, déi een direkte positiven Afloss op d'Kafkraaft vun den Elteren hunn. Grad déi Familljen, déi manner Revenuen hunn, ginn doduercher **substantiell entlaascht.**

**Deen drëtte Pilier** ass ee staarkt soziaalt Netz. Dat hu mir zu Lëtzebuerg, an dat gëtt mat dësem Budget weider verstäerkt. Vun all Euro, deen de Staat ausgëtt, si ronn 47 Cent fir sozial Mesuren.

Déi aktuell Kris trefft besonnesch Leit mat klengem Akommes oder a prekäre Situatiounen. Well fir sinn maachen d'Energiepräisser ee verhältnisméisseg groussen Deel vun hirem Budget aus. Dofir mécht grad fir sinn den Deckel op den Energiepräisser ee groussen Ënnerscheed, zousätzlech zum *Crédit d'Impôt Energie*, an deenen aneren Hëllefen, déi sozial cibléiert sinn. Ech denke virun allem un *d'Allocation de vie chère* an d'Energie Primm, déi mir am Kader vum Solidaritéitspak 2.0 nach verlängert hunn.

**Deen véierte Pilier** ass ee gudden Accompagnement um Terrain.

Den *Office social* ass oft déi éischt Ulafstell fir Leit an enger prekärer Situatioun. Mam Budget 2023 stellt de Staat hinnen och personalméisseg déi néideg Moyen'en zur Verfügung, fir hiren Aufgaben an dëse schwieregen Zäiten, nach besser nozekommen.

**E fënnefte Pilier** ass eng gutt medezinesch *Prise en Charge* fir jiddereen. An der Pandemie hunn mer alleguer gesinn, wéi wichteg dat fir ons Gesellschaft ass. An deem Sënn investéiere mer d'nächst Joer massiv an de Gesondheetssecteur, an setze weider e besonneschen Accent op d'Präventioun. Donieft gëtt z.B. d'*Enveloppe budgétaire globale* fir d'Spideeler fir d'Joren 23 a 24 op 2,9 Milliarde fixéiert, dat ass eng Progressioun vun 369 Milliounen Euro oder 14,6%.

**Ee weidere Sujet** dee mir besonnesch um Häerz läit, gëtt mam Budget 2023 ugepaakt: Ronn 20 Milliounen Euro si virgesi fir *d'Prise en charge*, haaptsächlech am Kontext vu Gewalt am Stot. Awer och fir Preventiounsaarbecht, grad bei deene Jonken, souwéi fir de Kampf géint de Mënschenhandel.

Fir d'Gläichstellung tëschent de Geschlechter weider virunzebréngen, ass ee kollektiven Effort néideg: dowéinst kritt de Ministère fir

Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (MEGA) och weiderhin déi néideg finanziell Mëttel fir zesumme mat den Entreprisen, de Gemengen an Acteuren aus der Zivilgesellschaft un enger méi egalitärer a gerechter Gesellschaft ze schaffen.

## 3. Eng koherent Logementspolitik

De Logement ass a bleift eng vun de grousse Suerge vu ville Leit, an eng Prioritéit vun der Regierung.

Dofir geet de Budget vum Logementsministère **konsequent weider erop**. 2023 wäert en bei ronn 282 Milliounen Euro leien, ee Plus vu 6% par Rapport zu dësem Joer. An de Joren duerno wäert e weider klammen, op ronn eng hallef Milliard.

Fir **méi abordabele Wunnraum** ze schafen, geet d'Dotatioun vum *Fonds Spécial de Soutien au Développement du Logement* weider erop. Am Joer 2023 sinn do 192 Millioune virgesinn, an dee Budget wäert bis d'Joer 2026 bis op 305 Milliounen Euro klammen.

Donieft geet och de Budget erop fir **Hëllefe beim Lounen oder Kaf** vun enger Wunneng. Dës Aiden ginn och nach weider verbessert.

58 Millioune sinn dofir 2023 virgesinn.

Mam Budget 2023 wäerte mer och eng weider Steiermesure op de Wee bréngen, déi een direkten Impakt op de Wunnengsmaart wäert hunn: eng Reform vum *Amortissement accéléré*.

Deen ass 2002 agefouert ginn, mat der Iddi, Leit ze incitéieren, an Appartementer ze investéieren, fir déi ze verlounen. Mat der Zäit ass dorausser een Outil fir Steiervermeidung ginn.

Des Mesure ass scho mam Budget 2021 manner attraktiv gemaach ginn.


Elo gëtt dëse Steieravantage weider ageschränkt. An Zukunft ass et fir all Steierzueler nach just méiglech den *Amortissement accéléré* 2 mol am Liewe spillen ze loossen.

Domadder erlabe mer de Leit weider, an Immobilien ze investéieren. Mä mir halen op déi Leit ze ënnerstëtzen, déi dat en Serie maachen, just fir Steieren ze spueren.

Zesumme mat der Reform vun der Grondsteier, mat der neier Mobiliséierungs- a mat der neier Leerstands-Steier, ass dat hei eng weider konkret Mesure, fir der Spekulatioun um Wunnengsmarché entgéintzewierken.

## 4. Eng nohalteg Investitiounspolitik

Mam Budget 2023 hält d'Regierung d'Investissementer **weider héich**.




D'nächst Joer sinn dofir 3,8 Milliarden Euro virgesinn, wat ronn 4,6% vum PIB entsprécht. Dat sinn iwwer 600 Millioune méi wéi dëst Joer.

Dat si keng abstrakt Zuelen, mä nei Infrastrukturen, Stroossen, Schinnen, Gebaier, Schoulen, déi dréngend gebraucht ginn, fir eist Land weider ze moderniséieren, an eis Liewesqualitéit héich ze halen.


Héich Investissementer, dat heescht och weider reegelméisseg Opträg fir eis Handwierker an Entrepreneuren, déi dës Projete realiséieren. Grad an Zäiten, wou vill Bierger veronséchert sinn, an hir privat Projete vläicht

zréckstellen, ass et wichteg, dass de Staat hei seng Responsabilitéit hellt. Dëst erlaabt dem Secteur, mat méi Vertrauen an d'Zukunft ze kucken.

Andeems mer d'Investissementer grad an der Kris héich halen, a souguer nach eropsetzen, maache mer déi **antizyklesch Politik**, déi all international Organisatioune recommandéieren.

Am Budget 2023, a fir d'Joren drop, läit den Accent bei den Investissementer kloer op der duebeler - energetescher an digitaler - Transitioun.

Déi reng Klima an Ëmwelt Investissementer belafen sech 2023 op 1,2 Milliarden Euro, dat ass e Plus vu bal 10 % par Rapport zu dësem Joer. Hei weist den Trend och no uewen. Fir 2024 sinn et dann 1,35 Milliarden Euro.



## 4.1. Schwéierpunkt Energie-Transitioun

D'Auswierkunge vum Klimawandel op eisen Alldag, an d'Präisexplosioun op der Tankstell a beim Gas, weise kloer, dass eis Ofhängegkeet vu fossillen Energiesourcen an eng Sakgaass féiert.

Wa mer an Europa haut schonn op nohalteg Energien an Elektromobilitéit ëmgestallt wären, hätte mer eis de Gros vun de Käschte vum Energiedësch a vun den zwee Solidaritéitspäk warscheinlech spuere kënnen.

National hunn mir hei scho mat onser ambitiéiser Klima-Strategie am Kader vum *Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC)* wichteg Ziler definéiert. An dësem Budget sinn dofir 2,3 Milliarden Euro virgesinn, **fir d'Land weider ze dekarboniséieren** a méi Energie-effizient ze maachen.

Ech wéilt an dësem Kontext nach op e puer Punkten agoen.

De Premier huet gëschter eng grouss Initiative ugekënnegt fir d'Installatioun vu Solarpanelen ze encouragéieren. En attendant, gëtt awer elo schonn d'TVA dorobber vum 1. Januar vu 17% op 3% erofgesat.

Fir d'*Economie circulaire* weider ze encouragéieren, gëtt d'TVA op Reparaturservicer vun Haushaltsgeräter vu 17% op 8% erofgesat.

Fir d'Leit nach méi ze incitéiere fir de Velo ze huelen, gëtt d'TVA op Veloen an op E-Bikes op 8% erofgesat.

Des Tauxe ginn duerch den Tripartite-Accord fir d'Joer 2023 souguer vun 8% erof op 7%.

Fir d'Installatioun vu Elektrobornen am Land, sinn bis 2026 all Joer ronn 10 Milliounen Euro virgesinn. Dës Initiative gëtt och am Kader vum *Plan de reprise* via den EU Budget mat ënnerstëtzt.

Den ëffentlechen Transport weider ausbauen ass och eng Prioritéit fir d'Land méi nohalteg ze gestalten : 2,4 Milliarden Euro si bis 2026 virgesi fir d'Eisebunn.

Dës ambitiéis Efforte spigelen sech kloer an den Investissementer vum *Fonds du Rail* erëm: déi belafen sech fir 2023 op ronn 566 Milliounen Euro.

Zu de grousse Projete gehéieren d'nächst Joer den Ausbau vun der Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg, an de *Pôle d'Echange* Ettelbréck.

Och beim Tram gëtt weider investéiert. No der Streck bis op Bouneweg dëst Joer, ginn d' Tramsschinnen elo weider bis op d'Cloche d'Or an de Findel geluecht. Bis 2026 sinn dofir 222 Milliounen Euro ageplangt.

## 4.2. Digitalisatioun acceleréieren

Mam Budget 2023 gëtt déi digital Infrastruktur vun eisem Land weider kräfteg ausgebaut. Bis 2026, sinn hei ronn 1,5 Milliarden Euro virgesinn fir den Ausbau vum 5G an en héich-performanten Internet-Accès am ganze Land, an fir eng nei *Prime à la Connectivité* fir deene Menagen, déi eng *Allocation de vie chère* kréien, den Accès op ee Breetband-Internet-Uschloss ze finanzéieren.

2019 stoung Lëtzebuerg op der 11. Plaz vum eGovernment Klassement vun der europäescher Kommissioun. Dëst Joer sti mer op **der 3. Plaz** ! D'Efforte vun de leschte Joren hunn sech also gelount.

De Budget vum Centre des Technologies de l'Information de l'Etat (CTIE) gët d'nächst Joer op 165 Milliounen erhéicht.

Dat ënnersträicht d'Determinatioun vun der Regierung fir de Wee vun der Digitalisatioun konsequent weider ze goen.

## 5. Eng kompetitiv Standuertpolitik

De Wuelstand vun onsem Land hänkt um **Succès vun eiser Ekonomie**. Mam Budget 2023 suerge mer dofir, dass onst Land och an Zukunft als Standuert **kompetitiv** bleift.

Wärend der Tripartite hunn d'Entreprisen eis gesot, wat hinnen um Mo läit. Eng vun hire Suergen, ass dass et ëmmer méi schwéier gëtt, nei Mataarbechter ze fannen, an ze halen. Dat ass keen reng Lëtzebuerger Phänomen.

Grat dofir ass et wichteg, eisen Entreprisen ze hëllefen, kompetitiv ze sinn par Rapport zu hire Konkurrenten am Ausland.

Op den 1. Januar wäerte mer dofir de "Régime d'impatrié" méi attraktiv maachen. Et geet drëm, den Entreprisen ze hëllefen, Talenter aus dem méi wäiten Ausland unzezéien. Den Seuil vum Akommes vun deem un dës Mesure gräift, geet erof vun 100.000 op 75.000 Euro pro Joer.

Am selwechte Sënn wäerte mer de Regime vun der „Prime Participative" méi breet gestalten, fir dass méi Firmen d'Méiglechkeet kréien, hire Salariéë dësen Avantage ze accordéieren.

Wann ee wëll kompetitiv bleiwen, muss een innovativ sinn. Am Budget fënnt een eng ganz Rei Mesuren déi dat ënnersträichen, och wat d'Recherche ugeet.

## 6. Zukunft duerch Diversifikatioun

**D'Finanzplaz** ass bei wäitem de gréisste Secteur vun eiser Ekonomie. Fir dass si och an Zukunft erfollegräich bleift, musse mer dofir suergen, dass si sech ëmmer weider nei erfënnt an diversifizéiert.

Och hei gesi mer d'Chancen, déi d'Digitalisatioun mat sech bréngt. Trotz der Pandemie, ass d'Unzuel vu Fintechen am LHoFT - *Luxembourg House of Financial Technology* - iwwer déi lescht Jore geklommen.

Fir dës positiv Entwécklung weider ze begleeden, schaaft de Staat, zesumme mat der Uni Lëtzebuerg an dem SnT, e Finnovation Hub. Dat ass eng Zort Laboratoire fir Innovatiounen am Finanzsecteur, fir deen 8,2 Milliounen Euro virgesi sinn.

Och d'Enveloppë fir de LHoFT an *Luxembourg for Finance* gi gläichzäiteg erop, fir d'Entwécklung vun der Finanzplaz weider z'ënnerstëtzen.

Déi kleng a mëttel Betriber sinn d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft. Dofir musse grad d'PMEen gezielt ënnerstëtzt ginn, fir gestäerkt aus dëser Krisen erauszekommen.

Inklusiv den Hëllefen, déi an der Tripartite zréckbehale goufen, sinn am Budget 116 Milliounen Euro fir Investissements-Hëllefe fir PMEen virgesinn.

Och den Tourismus, deen elo no der Pandemie erëm oplieft, gëtt konsequent gestäerkt.

Am neien *Plan quinquennal* sinn 70 Milliounen Euro op 5 Joer virgesinn, fir an eis Tourismus-Infrastrukturen am Land ze investéieren.

## 7. Eng stark Défense

Fir op internationalem Plang - als EU-Member an als NATO-Alliéierten - weider e fiabelen a solidaresche Partner ze bleiwen, huet d'Regierung decidéiert, bis 2028 den *Effort de Défense* bis op 1% vum PIB z'erhéijen. De Krich an der Ukrain ënnersträicht d'Wichtegkeet vun deem Effort.

An enger Welt déi ëmmer méi komplex gëtt, musse mir an der *Cyber-Security* wéi och an der *Cyber-Defense* weider Kompetenzen opbauen.

De Premier hat et gëschter schonn a senger **Ried zu der Lag vun der Natioun** gesot: den 1 Milliard schwéieren Innovatiounsfong vun der NATO wäert säi Sëtz hei zu Lëtzebuerg hunn.

Dat ass eng excellent Nouvelle. Dës Initiativ wäert den Eco-System vun eiser Finanzplaz weider stäerken.


## 8. Solidaritéit mam Ausland

Lëtzebuerg huet dëst Joer 16% vu sengem Defensebudget, dat si ronn 72 Milliounen Euro, ausginn, fir Militärequipement un d'Ukrain ze liwweren. Mir wäerten dësen Effort weider héich halen, an dat sou laang et néideg ass.

Och - a grad - a Krisenzäiten hält Lëtzebuerg u sengem Engagement fest, fir 1% vun onsem *Revenu national brut* (RNB) fir d'Entwécklungshëllef auszeginn. Dat si 544 Milliounen Euro 2023.

Ech well och ënnersträichen, dass dem *Office National de l'Accueil* (ONA) säi Budget d'nächst Joer op 177 Milliounen Euro eropgeet, an dat fir déi néideg Ressourcen ze hunn fir Flüchtlingen, och déi aus der Ukrain, opzehuelen, a richteg ze encadréieren.

## 9. Kuerzen Résumé vun den Dépensen




Bal d'Hallschent sinn **d'Sozialleeschtungen, Subsiden a Subventiounen**. Dat ënnersträicht kloer déi sozial a solidaresch Ausriichtung vun dësem Budget. 23% si fir d'Remuneratiounen. Mam Budget 2023 gi ronn 400 nei Poste beim Staat geschaaft, fir e performanten ëffentlechen Déngscht och an Zukunft ze garantéieren. 14% fléissen an **d'direkt an d'indirekt Investissementer**, 9% an d'Frais de Fonctionnement. 7% si fir d'Gemengen. 1% fléissen an **d'Zënsen op der Staatsschold**.

## IV . Conclusioun

Lëtzebuerg ass matzen an engem Stuerm. An esou enger Situatioun, däerf ee keen onnéidege Risiko. Mä et däerf een sech och net vun der Kris läme loossen. Dëse Budget ass realistesch, solidaresch a responsabel.

Mat dësem Budget, iwwerhëlt d'Regierung Verantwortung. Mat dësem Budget, ginn déi néideg Mëttel zur Verfügung gestallt, fir de Bierger an den Entreprisen duerch d'Kris ze hëllefen.

Déi Leit, déi et am meeschte brauchen, kréie gezielt gehollef. De Crédit d'Impôt fir d'Monoparentauxe gëtt substantiell eropgesat. De Crédit d'Impôt fir déi Leit, déi de Mindestloun verdéngen, geet no uewen.

Mat de verbesserte Mesurë fir Talenter unzezéien, a gezielten Hëllefe grad am Beräich vun der Energietransitioun an der Digitalisatioun, gëtt d’Kompetitivitéit vun den Entreprise gestäerkt.

Mat dësem Budget, gëtt keng Austeritéit gemaach, mä d'Investissementer ginn héich gehalen, fir d'Land weider ze moderniséieren a seng Infrastrukture weider auszebauen.

D’Energie-Transitioun gëtt weider acceleréiert, och mat Steiermesuren.

Mat dësem Budget komme mer **gestäerkt aus der Kris eraus** !

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären,

De Budget opstellen ass all Joer ee schwieregen Exercice. Dëst Joer war et eng besonnesch Erausfuerderung.

Ech well dofir de Kolleeginnen a Kolleege vum Finanzministère, de Steierverwaltungen, der Tresorerie an der IGF, déi zesumme mat mir heirobber geschafft hunn, e grousse Merci soen.

Zum Schluss, wëll ech virun allem awer enger Persoun gedenken. An zwar dem Raymond Bausch, deen eis virun 2 Woche verlooss huet. Hie war den Direkter vun der IGF. De Raymond war een exzeptionell feine Mënsch an ee virbildleche Beamten. Säin Dout ass en haarde Schlag. Ech well vun dëser Plaz nach eng Kéier senger Famill, am Numm vun der ganzer Regierung, eist häerzlecht Bäileed ausdrécken.

Ech soen iech Merci.